N°7440
Entrée le 30.01.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Gemeinsam Äntwert vum Här Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet an der Madamm Sam TANSON, Justizministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7440 vum 4. Januar 2023 vum honorabelen Députéierten Fernand Kartheiser**

**Ad 1. bis 5.**
Déi sougenannte Schengen Evaluatioune gi regelméisseg als « peer-evaluation » an all de Länner vum Schenge-Raum gemaach. D'Ziel vun dësen ass fir e.a. d'Kontrolle vun de Baussengrenzen nach weider ze verbesseren an ze harmoniséieren.

Dëst ass et och schonn an der Vergaangenheet fir Lëtzebuerg ginn an déi rezent Recommandatioune sinn amgaang an en nationale plan d'action anzefléissen wou op déi eenzel Punkten agaange gëtt fir de System weider ze verbesseren. Et kann een hei och präziséieren dass verschidde Punkte entretemps adresséiert sinn. D'Delaien fir d'Ëmsetzung vun den Recommandatioune hänke vu villen Elementer of déi zesummen mat der EU Commissioun adresséiert ginn.

D'Ëmsetze vum Plan d'Action wäert keng negativ Konsequenzen fir d'Passagéier hunn. Wann d'Mesuren am Beräich vun der Personalverstärkung vun der Flughafepolice bis konkret ëmgesat ginn, wäerten d'Passagéier och vu méi schnellen Ofleef bei Kontrollen um Flughafe profitéieren. Dës Personalverstäerkung vun der Flughafepolice wäert duerch de verstäerkte Rekrutement vun der Police ënnerstëtzt ginn.

**Ad 6.**
Den internationalen Austausch vu polizeilechen Informatiounen ass ganz allgemeng e wichtegen Aspekt vun der Justiz – a Sécherheetspolitik a gëtt dofir och ëmmer erëm, besonnesch an den EU-Rechtsinstrumenter, un d'Erausfuerderunge vun enger effikasser Kriminalitéitsbekämpfung ugepasst. An deem Kontext hat d'europäesch Unioun e ganz wichtegt Instrument adoptéiert mat der Kader-Decisioun vum 18. Dezember 2006 iwwer d'Vereinfachung vum Austausch vu polizeilechen Informatiounen („décision-cadre 2006/960/JAI du 18 décembre 2006 relative à la simplification de l'échange d'informations et de renseignements entre les services répressifs des Etats membres de l'Union européenne »). Zu Lëtzebuerg, wéi an deenen aneren EU-Memberstaaten och, ass déi Kader-Decisioun d'Haaptinstrument vum allgemenge polizeilechen Informatiounsaustausch ginn, deen zu Lëtzebuerg haut gereegelt ass duerch e Gesetz vum 22. Februar 2018 („loi du 22 février 2018 relative à l'échange de données à caractère personnel et d'informations en matière policière »).

2021 huet d'EU-Commissioun eng nei Direktiv proposéiert déi d'Kader-Decisioun vun 2006 soll ersetzen, an am Dezember 2022 ass no den Triloguë mam EU-Parlement e finale Kompromësstext zréckbehale ginn, deen elo nach formal vun den EU-Instanze muss adoptéiert ginn. Opgrond vun där neier Direktiv gëtt dann dat uewegenannte lëtzebuergescht Gesetz vum 22. Februar 2018 op de Leescht geholl fir ze kucken, ob a wéi dat Gesetz eventuell muss un déi nei Direktiv ugepasst ginn.

Et sief nach ernimmt, dass et bei dësem Thema ëmmer gëlt e rechtsstaatlechen Equiliber ze fannen zwëschen engem effikasse polizeilechen Informatiounsaustausch op där enger Säit, an engem zolitte Schutz vun de perséinlechen Donnéeën op där aner Säit. An deem Sënn muss d'Ëmsetzung vun där neier Direktiv och d'Prinzippie respektéiere vum lëtzebuergesche Gesetz vum 1. August 2018 iwwer de Schutz vun de perséinlechen Donnéeën am Strofrecht an an der nationaler Sécherheet (« loi du 1er août 2018 relative à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel en matière pénale ainsi qu'en matière de sécurité nationale »), mat deem Lëtzebuerg d'EU-Direktiv 2016/680 vum 27. Abrëll 2016 iwwer de Schutz vun de perséinlechen Donnéeën an der Strofverfolgung ëmgesat huet.

Lëtzebuerg, den 30. Januar 2023

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX